

An dann, éier mer zum Vott kommen, erënneren ech wéi üblech drun, datt Der Iech misst aloggen, wann Der wëllt matstëmmen. An dat wär gutt, wann Der géift matstëmmen.

Sou, da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8266. Den Text steet am Document parlementaire 8266<sup>6</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8266 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. D'Votes par procuration sinn och gemaach. An de Vott ass dann heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass dat follgend: Jo-Stëmmen: 59, Nee-Stëmmen: keng, an Abstentioun: keng. De Projet de loi ass also mat 59 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8266 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou decidéiert.

### **10. 8161 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française concernant l'échange et la protection des informations classifiées, fait à Paris, le 1<sup>er</sup> juillet 2022**

### **8162 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lituanie concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Bruxelles, le 7 décembre 2020**

Mir kommen elo zum Projet de loi 8161, engem Accord tëscht Lëtzebuerg a Frankräich, an zum Projet de loi 8162, engem Accord tëschent Lëtzebuerg a Litauen, béid iwwert den Austausch an de Schutz vu

géigesäiteg klassifizierten Informatiounen. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet zéng Minutten, déi jeeweileg Sensibilitäten a Fraktiounen fënnf Minutten, d'Regierung huet zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Christophe Hansen, den Här Yves Cruchten, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Sam Tanson an den Här Sven Clement.

Ech krut virdru gesot, datt verschidde vun de Riedner net onbedéngt misste schwätzen. A wa se net géife schwätzen, géif dat heeschen, datt se den Accord vun hirer Fraktioun oder Sensibilitéit géife ginn, wat eng positiv Haltung zu eiser Zäitorganisatioun ass. D'Wuert huet also elo de Rapporteur vun deenen zwee Projet-de-loien, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

#### **Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région**

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Merci, Här Président. Mir liewe leider an enger Welt vun enger gewëssener Onsécherheet. Mir stellen all Dag permanent Konflikter fest, sief dat um militäresche Plang; mir hunn terroristesch Uuschléi; déi organiséiert Kriminalitéit hält ëmmer aner Dimensiounen un; an da gëtt et och d'Industriespionage an dann déi nei, modern Waff, dat ass jo déi sougenannte „Cyberattack“. Et heescht also da besonnesch an deenen demokratesch gesënnte Länner, Preventiounen festzehalen, fir all déi Attacken kënnen awer dee Moment ze evitéieren.

Dowéinst gëtt et schonn zënter méi Laangem eng Rei vun Accorden, fir sougenannte klassifizéiert Informatiounen auszetauschen. Dat heescht, hei geet et ëm de Schutz vu vitalen nationalen Interesse vun deenen eenzelne Staaten. Duerfir muss och versicht ginn, datt wichteg Informatiounen net einfach kënnen esou divulguéiert ginn, a fir datt net aner Staate kënnen versichen, eenzel Staaten ze destabiliséieren. A jee no Grad vun deenen Informatiounen ginn och da gewësse Kategorie festgehalen.

Et ass och nach vläicht hei ze bemierken, datt et awer och spezifesch Informatiounen gëtt, déi engem spezielle Protektionsregime ënnerleien, da schwätze mer vun engem sougenannte multilaterale Kader. Ech nennen hei d'NATO. Ech nennen natierlech och d'Europäesch Unioun. An an deenen eenzele Länner gëtt et dann awer erëm eng kéier spezifesch Gesetz, fir am Fong geholl och eng Base légale ze schafen, fir datt deen Informatiouns Austausch do ka stattfannen. Hei zu Lëtzebuerg ass dat d'modifizéiert Gesetz vum 15. Juni 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité.

Op Basis vun dësem Gesetz gëtt et hei zu Lëtzebuerg u sech véier Kategorie vun Informatiounen. Dat heescht fir d'éischt emol déi, déi streng geheim sinn, da sinn et déi, déi geheim sinn, da sinn et déi, déi vertraulich sinn, an dann och déi, déi enger limitéierter Verdeeelung ënnerleien.

Et dierft wuel keen iwwerraschen, datt déi Informatiounen, déi streng geheim sinn, datt déi just vun de Membere vun der Regierung, vum Chef d'état-major vun der Arméi respektiv vum Direkter vum Geheimdëngscht souwéi och eenzele Fonctionnaire kënnen natierlech agesi ginn.

Do gëtt et natierlech eng ganz spezifesch Prozedur, op déi ech elo am Detail net wäert agoen.

Haut stëmmen mer zwee Accorden. Deen een ass mat Frankräich, deen aneren ass mat Litauen. Mat Frankräich ass elo vläicht e bëssen den éischte Moment lichter iwwerraschend, well ee seet: Ma wéi ass et da

meiglech, datt mer mat deem Land nach keen Accord ënnerschriwwen hunn? Dat stëmmt awer nëmmen zum Deel. Mir hu selbstverständlech mat Frankräich schonn eng kéier esou en Accord ënnerschriwwen, an dat war am Joer 2004. Mee vu datt Frankräich entre-temps hir Legislatioun ugepasst huet, mussen och eis Accorde mat hinnen nei verhandelt gi respektiv och dee Moment zréckgehalen ginn.

Ech behandelen elo am Fong geholl déi zwee Gesetzesprojeten och hei zesummen aus deem ganz einfache Grond, well se inhaltlech u sech dat selwecht erëmgin, soudatt et a sech net noutwendeg wär, dann zweemol getrennt iwwert déi eenzel Projet-de-loien ze schwätzen.

Dës Projet-de-loie respectivement den Inhalt dervu sinn natierlech och direkt liiert un de Geheimdëngscht hei zu Lëtzebuerg. Dat erkläert och, firwat, wéi mer déi Projeten an der Kommissioun presentéiert respektiv och diskutéiert hunn, datt do och Membere vum Geheimdëngscht natierlech uwiesend waren. Just entre parenthèses: De Geheimdëngscht besteet zënter 1960 hei zu Lëtzebuerg.

Wat wichteg ass an deem Accord, dat ass, datt déi jeeweileg Parteie sech dozou verflüchten, u sech déi ausgetoschen Informatiounen op deem selwechten Niveau ze behandelen an deenen zwee verschiddene Länner.

Da ginn natierlech och gewësse Reegelen opgestallt, wat d'Reproduktioun an d'Zerstéierung vun deenen Informatiounen ubelaangt. Wat och wichteg ass ze ënnersträichen, ass, datt déi Informatiounen nëmme kënnen um diplomatesche Wee ausgetosch ginn. Et ass also net esou, datt een dat dann iwwer, wéi mir dat jo esou reegelméisseg maachen, eng E-Mail oder sou ..., esou einfach ass et natierlech net. Ech mengen, dat ass ganz kloer, datt do scho mussen extreem streng Reegelen gellen.

Ech wëll och dann hei drun erënneren, datt déi zwee Projekte keen Impakt op de Staatsbudget hunn. Bis elo sinn eng ronn 31 Accorden esou mat enger Rei Länner ënnerschriwwen ginn. An d'Absicht vun der Regierung ass, fir doriwwer eraus natierlech och nach mat Länner aus der Europäescher Unioun, wou mer nach keen esou en Accord hunn, dann esou Accorden ze ënnerschreiwen. A firwat och net mat Länner, déi net onbedéngt Member vun der Europäescher Unioun sinn. Ech denken hei natierlech virun allem an éischter Linn un NATO-Memberstaaten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Accorde goufen de 24. Februar 2023 vum fréieren Ausseminister, vum Här Jean Asselborn, hei deposéiert. An den 21. Dezember gouf de President vun der aussepolitischer Kommissioun dann och vum Rapporteur vun deenen zwee Gesetzesprojeten hei designéiert.

Dann nach e Wuert vläicht iwwert d'Avisen. Déi zwee Avisen vum Conseil d'État si vum 21. Juli 2023 respektiv 10. Oktober 2023. Zum Fong hat u sech déi héich Kierperschaft näischt zu deenen zwee Projeten ze soen. Ech wëll allerdéngs op een Aspekt nach hei hiweisen aus dem Avis vum Staatsrot (ndlr. aus dem Avis vum Staatsrot zum Accord mat Frankräich). Dee betrëfft den Artikel 16.2., dee gesäit zum Beispill vir, datt „en tant que de besoin, les [...] Autorités de sécurité compétentes des Parties se consultent au sujet des aspects techniques spécifiques concernant l'application du présent Accord.“ De Conseil d'État huet dorauser beschloss, well et sech dann nëmmen ëm technesch Mesuren handelt, datt déi u sech net méi misste vun der Chamber approuvéiert ginn, mee se missten awer am Journal officiel publizéiert ginn.

D'Avisen vun der Chambre de Commerce, déi datéiere vum 18. Abrëll 2023 respektiv 25. Abrëll 2023. An

zweemol hat och d'Chambre de Commerce déi Projet-de-loien approuvéiert.

Wat elo d'Commentairë vun den Artikelen ubelaangt, sou hu mer als Kommissioun eng Remark ze maachen. U sech bestinn déi zwee Gesetzesprojete just aus engem eenzegen Artikel. Da bräichte mer u sech nëmmen e Commentaire zu engem eenzegen Artikel ze maachen. Mir waren allerdéngs der Meinung, wéinst der Transparenz a fir awer och e bësse méi den Inhalt no bausse bekannt ze maachen, datt een awer och de Commentaire des articles aus dem Exposé des motifs zu dem Accord selwer géif iwwerhuelen. Ech ginn natierlech elo net op déi eenzel Artikelen hei an, mee et ass awer wichteg, datt an deem Projet de loi dann och emol den Inhalt vum Accord méi bekannt gemaach gëtt.

Ech wëll drop hiweisen, datt zum Beispill den Accord mat Litauen 13 Artikelen hat, an dee mat Frankräich, deem hat der 17.

Just, ëm wat ass et inhaltlech do gaang? Ganz kuerz déi wichtegst Theemen hei nach eng Kéier an Erënnerung bruecht: d'Sécherheetsprinzipien an d'Äquivalenzen zwëschent deene verschiddenen nationale Klassifikatiounen, awer och d'Visite vun den Echengen, well, wéi gesot, och do kënnen déi Länner mutuel Visite maachen, fir ze kucken, wéi d'Entwécklung vun dem Echange vun deenen Informatiounen ass.

Voilà. Déi zwee Rapporte goufen eestëmmeg de leschten 8. Januar ugeholl. Ech weess, dat hei ass elo e bësselche méi en technesche Projet, mee en ass awer mat Sécherheet net onwichtig, well et geet hei virun allem och ëm d'Sécherheet a vital Interesse vun eisem Land. An ech géif jo dovun ausgoen, datt keen heibannen ass, deem dat wëll a Fro stellen.

Dofir bréngen ech och ofschléissend den Accord vun der Demokratescher Partei a soen Iech Merci fir d'No-lauchteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Graas, fir Äre mëndlechen a schrëftleche Rapport.

An d'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Christophe Hansen.

### Discussion générale

**M. Christophe Hansen** (CSV) | Jo, villmools merci, Här President. An de Rapporteur Gusty Graas war immens komplett. Dat erlaabt mir dann och, immens kuerz ze sinn.

Ech mengen, déi zwee Gesetzestexter, déi mer hei haut stëmmen, sinn immens wichtig. Et geet hei ëm déi national Sécherheet, zum Beispill bei Menacë vun Terrorismus, bei Cyberkriminalitéit, Proliferatioun vu Waffen an änleche Bedroungen. Et geet ëm eng verbessert international Zesummenaarbecht an enger méi vernetzter Welt tëschent verschiddene Länner. An et geet natierlech och ëm d'Optimisatioun vu Ressourcen. Well wann Experten esou Donnéeën, déi klassifizéiert sinn, müssen traitéieren, wa se dat op béide Säite vun enger Grenz musse maachen, kascht dat natierlech méi Ressourcë vun dem Point de vue Ressource humaine, awer och vun der Aarbecht. Dat heescht, et ass zwar hei elo käschtenneutral, wat mer votéieren, mee et spuert awer och Käschten. An ech mengen, dat ass wichteg, eng Kéier ze ënnersträichen.

Mir wäerte bei Krisen a Menacen, wéi ech se genannt hunn, méi reaktiv kënnen sinn a besser anticipéieren kënnen. Dat erlaabt eis och, Risiken ze minimiséieren. An dat kann am schlemmste Fall dann eeben och, oder am beschte Fall, Liewe retten. An dofir sinn dat heiten zwee wichteg Texter, déi mer da wäerten ofstëmmen.

Ech mengen, déi Ofkommessen, déi zwee, sinn awer och en Zeeche vun engem staarke géigesäitege Vertrauen tëschent Länner. An ech mengen, et ass och e Beweis, dass eis Diplomatie funktionéiert. An dofir kann d'CSV hei och mat zwou Hänn mat ënnerschreiwelen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Hansen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Yves Cruchten. En huet mir matgedeelt, e misst net onbedéngt dozou schwätzen, dat géif awer heeschen, datt den Accord vun der LSAP-Fraktioun ofgeséichert wier.

Dann huelen ech den nächsten ageschriwwene Riedner, dat ass den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. E puer Kommentare vun eiser Säit vläicht. Dat éischt ass, datt mer eis scho méi dacks gewonnert hunn, wéi laang et dauert, bis esou Accorden dem Parlament virgeluecht ginn.

Mir haten am Joer 2016 eng Nott kritt aus dem Staatsministère, datt den Accord mat Litauen „en voie de finalisation“ wär „en 2016“. 2016 hu mer dat gesot kritt, 2020 ass en dunn ënnerschriwwen ginn. 2023 ass en an de legislative Prozess komm an 2024 hu mer en elo hei leien. Dat ass ganz laang.

An deemools krute mer och gesot, et wär mat Italien, Malta, Rumänien an Ungarn, déi wäeren och ... Ech weess elo net, wou déi dru sinn. Mee d'Fro ass net nëmmen, ob mer elo geschwënn do sinn, wou mer hiwëllen, nämlech datt mer mat all NATO-Staat an all EU-Staat esou en Accord hunn, mee och, wéi déi Delaie sinn, datt dat vläicht ka méi séier goen. Mir liewen an enger onsécherer Welt, och aner Kolleegen hunn dat gesot, a mir wäeren op jidde Fall frou, wann déi Aarbechte kéinte séier virugeen.

Eng zweet Bemierkung betrëfft déi Habilitations de sécurité. Fir d'nächst Kéier, wa mer eng Plenièr hunn, huet d'ADR eng Question élargie gestallt. Den Här Frieden ass dann d'nächst Kéier do, Enn Januar, da wäerte mer doriwwer schwätzen.

Et ass eis Suerg, datt déi Habilitations de sécurité net deem Niveau entsprechen, dee se missten hunn. Mir haten och schonn e puermol dem Här Staatsminister – dat war dunn an der Vergaangenheet den Här Bettel – eng Question parlementaire gestallt. Den Här Bettel huet eis geäntwert, datt hien déi Suergen net géif deelen. Mir hu se awer nach a mir wäerten elo dem neien Här Staatsminister och déi Froe stellen, och mat eiser Argumentatioun. Et ass fir eis ganz wichteg, datt Lëtzebuerg e kredibele Partner ass an datt déi Habilitations de sécurité esou ausgestallt kënnen ginn, datt se effektiv och zuverlässeg eng gewësse Sécherheet kënnen bidden.

Deen drëtten Punkt ass de Kommentar vum Staatsrot, dee mer gesinn hunn an deem Gesetz, wat eis mat Frankräich elo esou en Accord gëtt. Den Här Graas hat doriwwer geschwat. An do ass eigentlech gesot ginn, datt den Artikel 37 vun der Verfassung géif virgesinn, datt eebe just – an dat ass och richtig esou, mir haten en Avis juridique virun e puer Joer gehat am Kader vun der Defense – Accorden net der Ratifizierung vum Parlament hu misse virgeluecht ginn, déi reng en Echange vun techneschen Donnéeën géife betreffen, zum Beispill d'Telefonnummere vu verantwortleche Beamten an iergendengem Dossier. Sou Saache brauchen natierlech net am Parlament behandelt ze ginn. Alles anescht awer schonn!

Elo ass et awer esou, datt den Artikel 37 an där Form net méi existéiert, well mir haten an der Tëschenzäit eng Verfassungsrevisioun. Am Artikel 46, deem elo d'Traitée concernéiert an där neier Verfassung, feelt ee wichtige Saz an eisen Aen, deem am Artikel 37 vun där fréierer Versioun vun der Verfassung awer do war, an dee Saz ass: „Les traités secrets sont abolis.“ Esou huet et fréier geheescht an der Verfassung. An eisen Ae vollkommen zurecht. An där neier ass dee Saz net zrëckbehalen ginn, wat mir bedauern.

Elo ass et awer esou, datt domadder och eng Rei Konsequenze kënnen verbonne sinn, an et ass natierlech d'Interpretatioun, wéi och de Staatsrot gesot huet, datt an Zukunft och weider alles soll dem Parlament virgeluecht ginn, ausser deene ganz techneschen Accorden.

An d'Fro un d'Regierung ass natierlech: Ass dat och d'Intentioun vun der Regierung, fir weiderhin all Accord, egal wéi en heescht, ob dat e Mémoire d'entente ass oder en Traitée oder soss iergendeen internationalt Ofkommen, wéi et och d'Jurisprudenz prezisiéiert, dem Parlament zur Ratifizierung virzeleeën? Wa jo, an dat hoffe mer jo, datt dat d'Linn vun der Regierung ass, dann ass natierlech och d'Fro un d'Regierung: Gëllt dat dann an Zukunft och fir d'Programmes indicatifs de coopération, déi bis elo, an eisen Ae fälschlecherweis, net dem Parlament virgeluecht goufen, wou mir awer ëmmer insistéiert hunn als ADR, datt mer och déi Accorde mussen hei an der Plenièr kënnen diskutéieren en vue vun enger Ratifizierung, sou wéi all aner internationalen Accord och?

Dat ass eng Fro, déi mer alt bei dëser Geleeënheet dann och un d'Regierung wëlte richten, a mir soe villmools Merci fir d'Äntwert. Mir droen als ADR selbstverständlech och déi zwee Accorde mat. Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Kartheiser. Wann ech richtig verstanen hunn, wëllt d'Madamm Tanson d'Wuert elo net huelen. Dat heescht dann och, datt si den Accord vun der grénger Sensibilitéit ginn hätt, wa se geschwat hätt. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass dann den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech probéieren, et ganz kuerz ze maachen. A viwech: Mir ginn den Accord fir déi zwee Texter. Ech mengen, datt et ganz kloer ass, datt mer eis do musse mat eise Partner concertéieren an och eis mat eise Partner mussen eens sinn, wéi mer dat géigesäiteg maachen, wann et ëm de Geheimnisschutz geet.

Elo maachen ech awer e bëssen deen nammlechte Constat wéi mäi Virriedner. Mir hunn an e puer Question-parlementairen an der Vergaangenheet ëmmer rëm déi „security clearances“, wéi se genannt ginn, kritesch begleet, well eeben och schonn an der internationaler Press awer doriwwer geschwat gëtt a Lëtzebuerg u sech do ëmmer mat engem bloen Aen ewechkënn.

Et gëtt ëmmer erëm, ënner anerem och elo rezent an der europäescher Press, awer och schonn an der Lëtzebuergescher Press, doriwwer geschwat – „Reporter“ huet do ënner anerem zitéiert –, a souguer d'Regierung huet an engem Projet de loi, nämlech am 7741, gesot, datt d'ANS (ndlr: Autorité nationale de sécurité) zum Beispill op verschidden Datebanke wéi de Fichier central – do fillt ee sech dann op eemol rëm fënnf Joer méi jonk – keen Accës méi hätt. An – an dat ass da ganz witzeg – an den Amendementen zum Projet de loi 7741 steet dann dran, vun der Regierungshand geschriwwen, datt déi ANS, déi mam Gesetz 6961 – nach ëmmer um Instanzewee zënter 2016! – ze kreiéiere wär,



da rëm géif Accès kréien, well mer et an deem Gesetz géife verankeren.

Jo, mir hunn dat Gesetz awer nach ëmmer net gestëmmt! Dat heescht, mir hunn nach ëmmer esou e Couac dran, datt dat eent Gesetz zwar een Accès rëm erméiglecht, dat anert Gesetz awer nach net gestëmmt ass, wat deen Accès operationaliséiert, sou datt zumindest en Deel vun deene Kritikpunkten, déi u Lëtzebuerg erugedroe gi vun der internationaler Press, fir mech net ausgeraumt sinn.

An deementspriedend sinn ech frou, wann d'Regierung do nach eng Kéier wäert an deenen nächste Woche kloer Stellung huelen. Mir waarden op alle Fall mat Nodrock drop, datt och dat ANS-Gesetz weidergeet um Instanzewe. Ech stelle just fest, datt do scheinbar keng Prioritéit ass, well wann dat zënter 2016 do läit an nach ëmmer do läit ...

(Interruption)

... dann ass dat net ganz, ganz séier. Déi lescht Amendement vum der Regierung si vum 25. Abrëll 2023.

Dat gesot, dat hunn ech scho virdru gesot, gi mir eisen Accord fir dee Projet hei, fir déi zwee Projeten. Nichtsdestotz wär et awer gutt, wa mer och géifen eis Hausaufgabe maachen an net nëmmen eis Accorde géife stëmmen, mee och géifen déi Security Clearances rëm op e stabilt Fundament setzen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler**, Président | Domadder ass d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur | Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Gusty Graas Merci. Ech mengen, e war a sengem Rapport méi wéi kloer.

Ech wëll mech hei net amäsch an d'Aarbecht vun der Chamber, mee ech wëll just drun erënneren, dass et och Revendicatione vu Primmen et cetera, et cetera gi sinn, déi d'Saache mat an d'Längt gezunn hu bei verschiddenen Texter. Ech ginn elo net an den Detail, Dir wësst ganz genau, vu wat ech schwätzen.

Déi zweet Saach ass: Et gëtt och e Contentieux! Dofir ginn ech och net op de Fong an. Mee ech si selbstverständlech frou, als fréiere Responsabele vun der ANS, wann dat neit Gesetz esou séier wéi méiglech gestëmmt ka ginn, mee ech sinn net méi responsabel iwwert deen Dossier.

Dofir beschränken ech mech op deen heite Punkt, fir just dem Rapporteur Merci ze soen a fir och ze soen, dass et selbstverständlech wichteg ass, mat Partner en Echange ze hunn an och Vertrauenspartner ze sinn. Wa mer keng Vertrauenspartner wieren, géifen d'Leit och net mat eis Accorden ënnerschreiwen, dat wëll ech och just soen. Mee mir sinn och nach net fäerdeg, well hei ass d'Informatioun ...

(Brouhaha)

Ass de Kaffiskränzche fäerdeg hei oder net?

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Claude Wiseler**, Président | Also, wann Diskussionsinn, géif ech bieden, déi dobaussen ze féieren. Ansonst lauschtere mer dem Ausseminister no, deen d'Wuert huet.

(Interruptions)

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur | Just ... Nee, mee et ass kee Problem, de Stater Schäfferot hat eng wichteg Reunoun.

(Hilarité)

**M. Claude Wiseler**, Président | Här Ausseminister, zum Sujet.

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur | Just, Här President, et ass wichteg, dass mer net hei d'Gefill ginn, mir wiere kee vertrauensvolle Partner, soss géife mer och net haut déi zwee Texter stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen der Regierung Merci.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung vun de Projets de loi, well d'Diskussioun ofgeschloss ass. Mir haten zwar eng gemeinsam Diskussioun iwwert déi zwee Gesetzestexter, mussen awer selbstverständlech zwee separat Votte maachen.

An déi éischt Ofstëmmung geet iwwert de Projet de loi 8161. Deen Text steet am Document parlementaire 8161<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8161 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Mir kommen zum Vote par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass dat folgend: Jo-Stëmmen: 58, Nee-Stëmmen: 2, a keng Enthaltung. De Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. François Bausch (par M. Meris Sehic), Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.*

*Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8162. Den Text steet am Document parlementaire 8162<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8162 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass dat folgend: Jo-Stëmmen: 57, Nee-Stëmmen: 2, a keng Enthaltung. De Projet de loi ass also mat 57 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. François Bausch (par M. Meris Sehic), Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.*

*Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## **11. Heure d'actualité du groupe politique déi Lénk au sujet du conflit au Proche-Orient**

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert de Konflikt am Noen Osten, déi déi politesch Sensibilitéit déi Lénk ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chamberreglement festgehalen an d'Riedezäit sinn déi folgend: Den Auteur vun der Aktualitéitsstonn huet zéng Minutten, jiddwer Fraktioun a Sensibilitéit huet jeeweils fënnf Minutten, d'Regierung huet fofzéng Minutten. Et hu sech elo schonn ageschriwwen: déi Häre Christophe Hansen, Gusty Graas, Yves Cruchten, Fernand Kartheiser, d'Madamm Sam Tanson an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo den honorablen Här David Wagner als Vertrieeder vun der politescher Sensibilitéit déi Lénk. Här Wagner.

### **Exposé**

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci villmools, Här President. Zanter de mäerdereschen a grujelege Krichsverbrieche, déi d'Hamas géint eng 1.200 Zivilisten, also géint eng 900 Ziviliste plus 300 Membere vun de Sécherheetsdängschter, am Süde vun Israel de 7. Oktober begaangen huet a wouropshin och eng 700 Geisele festgehall goufen, wouvunner der en Deel fräi gelooss goufen, huet déi humanitär a mënschlech Situatioun am Noen Oste katastrophal Proportiounen ugehall.

Doropshin huet Israel eng militäresch Offensiv gestart, déi e katastrophaal Ausmooss ugehall huet. Et ass schwéier ze soen, wéi vill Leit an der Gazasträif bis elo der israellescher Arméi zum Affergall sinn, well souwuel d'Press wéi och d'ONGen an d'UNO-Agencen net richtig schaffe kënnen oder beschoss ginn. Mee et kann een dervunner ausgoen, datt weinstens